Nei Autosteier

LW 17.10.07

„Et wäert jo net esou schlëmm ginn?“, duecht ech, an hu mech weiter och ni mam Thema „nei Autosteier“ befaasst. Hunn deslescht awer elo déi nei Rechnung kritt, a sollt bal op de Réck falen: Sinn elo vun 92,50 Euro op „sage und schreibe“ 255 Euro d'Joer géheicht ginn (bal dat Dräifacht), wat eng Differenz vu saten 162,50 Euro ausmécht. Nach eemol: Vun 3 732 ob 10 286 där gudder aler Lëtzebuerger Frangen, also 6 554 Frang méi. Léiwen Har Lux, ech hu mäi Van (Diesel 2,2 Liter) net aus Blödsinn, ech hunn deen, well ech esou een Auto brauch duerch meng véier Kanner. Et war eng Okkasioun, een neien kënnen mir eis net leeschten, well emmer manner vun der Pai iwwreg bleiwt (Zënserhéichungen!) an et net méi einfach ass mat Kanner haut. Dat ass jo „Wahnsinn“, wat alles an deene leschte Joeren géheicht ginn as (den Euro ass awer een Teuro).

Och huele mir deen Auto fir eemol am Joer an d'Vakanz ze fueren, well et mam Fliger zu sechs einfach ze deier ass. Wann et awer esou viru geet mat deene villen Erhéijungen, dann ass et och mat där klenger Freed geschwënn eriwwer. Här Lux, wann ech aleng wär, da géif ech mat engem ganz klengen Auto fueren, et ass awer nun eemol net esou. Här Lux, 6 554 Frang si fir mech an meng Famill vill Sue, dat heescht, ech ginn erëm bestrooft, well ech véier Kanner hunn. Si mir da just nach ee Vollek vu Läppercher, déi sech alles gefale loossen?

Ee Papp vu vier Kanner